N°5813
Reçue le 24.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 24.02.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Mam Gesetz iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit vun 2017 kënnen erwuesse Persoune per Optioun d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, wann si een Elterendeel, Adoptivelterendeel oder Grousselterendeel hunn, dee Lëtzebuerger war oder ass.

Bei däser Prozedur si Kenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch keng Konditioun, an et zielt och keng Residenzklausel. Esou kann zum Beispill eng Persoun, déi ni zu Lëtzebuerg gelieft huet, kee Lëtzebuergesch kann a keng Lëtzebuerger Ofstamung huet, d'Nationalitéit kréien, wann ee Grousselterendeel op Lëtzebuerg agewandert ass an d'Lëtzebuerger Nationalitéit ugeholl huet.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Wéi vill Persoune kruten an de leschte Joren iwwert dësen Optiounsmodell d'Lëtzebuerger Nationalitéit?
2) Wéi deelt sech dës Zuel op no deene verschiddene méigleche Konditiounen: Elterendeel, Adoptivelterendeel, Grousselterendeel?
3) Wéi vill vun dëse Persounen hunn ni zu Lëtzebuerg gewunnt? A wéi enge Länner hate si hire Wunnsëtz?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

N°5813
Reçue le 21.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch Sam Tanson op déi parlementaresch Fro N° 5813 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup**

**Fro 1**

Den Artikel 23 vum ofgeännerte Nationalitéitegesetz vum 8. März 2017 regelt d'Optiounsprozedur:

*« L'option est ouverte au majeur :*

*1° lorsque son parent ou adoptant possède ou a possédé la nationalité luxembourgeoise et que cette nationalité ne lui a pas été attribuée ; ou*

*2° lorsque son grand-parent possède ou a possédé la nationalité luxembourgeoise et que cette nationalité n'a pas été attribuée à son parent. »*

Heidrenner sinn d'Statistiken vun den ofgeschlossen Optiounsprozeduren op Basis vum Artikel 23.

| **Optiounen Artikel 23** | |
|---|---|
| 2017 | 52 |
| 2018 | 416 |
| 2019 | 855 |
| 2020 | 557 |
| 2021 | 622 |
| **Total** | **2502** |

**Fro 2**

Et si keng Statistiken, opgedeelt no dene verschidde Méiglechkeeten Elterendeel, Adoptivelterendeel oder Grousselterendeel, verfügbar.

Enger Schätzung no deelen sech d'Méiglechkeeten vum Elterendeel an Grousselterendeel zu jeeweils 50 % op.

D'Méiglechkeet vum Adoptivelterendeel kennt ganz sielen vir.

**Fro 3**

Zum Wunnuert gin et folgend Schätzungen:

Ongeféier 500 Persounen hun hire Wunnuert zu Lëtzebuerg.

Vun dene reschtlechen Persounen hun der em déi 1110 hiren Wunnuert a Frankräich, 400 an der Belge, 130 an Däitschland, 100 a Groussbritannien, 75 an de Vereenegte Staaten vun Amerika, 20 a Brasilien, an am Rescht vun der Welt. Ob dës Persoune jemols e Wunnuert zu Lëtzebuerg haten ka net festgestallt ginn.

Lëtzebuerg, den 21 Mäerz 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson